Daachverband vum Lëtzebuerger Handwierk mat iwwer 3.000 Memberen sicht een

# Verbandsconseiller (m/f) fir de Beraich vum Génie Technique

**Wéi gesäit Äre breetgefächerte Funktiounsberäich aus?**

- Dir encadréiert un Niveau vum Sekretariat Zukunftsthemen ronderëm d'Energie- a Klimapolitik

- Dir gitt e.a. verantwortlech fir d'Gestioun vun der Fédération du Génie Technique mat iwwer 400 Memberen;
- Héi këmmert Dir Iech em den administrativen Deel vun der Verbandsaarbecht an hëlleft mat Ziler, Virgoensweisen a Strategien ze definéieren;
- Dir sidd den direkten Uspriechpartner fir d'Membersbetriber
- Dir vertrëtt d'Fédération des Artisans an enger Rei vun Institutiounen a Gremien.

**Wat fir Konditiounen musst Dir erfëllen?**

- Dir sidd Titulaire vun engem Héichschouldiplom mat enger technescher Ausriichtung
- Dir schwätzt fléissend Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch;
- Dir hutt Intressi un der Energie- a Klimapolitik an un ekonomesche Dossieren;
- Dir hutt Liichtegkeet am Ëmgang mat de Leit
- Motivatioun, Organisatioun, Verantwortungsgefill, Selbstännegkeet an Teamgeescht mussen net extra präziséiert ginn, gehéieren awer zum Pak.

**A wat bidde mir?**

- Keng Plaz, mee eng Schaff, am Kontakt mam Handwierk a senge Betriber, dat Ganzt an engem flexibele Kader wou Dir an Är Intressen och net ze kuerz kommen;
- Dir hutt d'Méigelechkeet op Zukunftsthemen ze schaffen
- Dir hutt de Fanger um Bols vun der sozio-ekonomescher Aktivitéit zu Lëtzebuerg an an Europa;
- Dat Alles mat engem gudden Aarbechtsklima an enger motivéierter an begeeschterter Equipe;
- Eng Pai a Relatioun mat deem wat Dir leescht a wéi Der virukommt an déi d'Konkurrenz net onbedéngt ze fäerten brauch;

Dir hutt Loscht den Defi ze woen an Iech am Handwierk mam Handwierk a fir d'Handwierk anzesetzen?

**Dann zéckt net a mellt Iech sou séier wei méiglech:**

Romain SCHMIT / r.schmit@fda.lu